**Evangelium vum Häerz-Jesu-Fest** [Freideg an der 3. Woch no Péngschten]
**(Joer A)**

**Mt 11,25-30**

25 Där Deeg een huet de Jesus gesot:
"Ech luewen dech, Papp, Här vum Himmel a vun der Äerd,
well s du dat hei virun deene Verstännegen a Gescheite verbuerge gehal
an et deene Klenge bekannt gemaach hues.
26 Jo, Papp,
esou huet et dir gefall.

27 Ech krut vu mengem Papp alles uvertraut.
Et erkennt keen de Jong,
ausser dem Papp,
an et erkennt keen de Papp,
ausser dem Jong
an deemjéinegen, deem de Jong et bekannt maache wëllt.

28 Kommt all hier bei mech,
déi dir iech kristillegt a schwéier Laaschten ze droen hutt;
bei mir kënnt dir raschten.

29 Huelt mäi Jach op iech
a léiert vu mir,
well ech si vu ganzem Häerz duuss an damiddeg,
an *dir fannt Rou fir är Séil*[i].
30 Mäi Jach ass nämlech net schwéier ze droen,
a meng Laascht ass liicht."

---

[i] *Jer 6,16.*